

Budgetsbuet 2023





LU

Léif Matbiergerinnen an Matbierger,

Mir hunn d'Éier lech déi éischt Editioun vun eisem "Budgetsbuet" virzestellen, an deem lech am Detail d'Finzen vun eiser Gemeng presentéiert ginn. En anerem fannt dir hei den Budget rectificé 2022, souwéi d' Budgetsprevisiounen fir d'Joer 2023, déi an der Sëtzung vum Gemengerot vum 14. Dezember 2022 geneemegt goufen.

Dës Dokumentatioun gëtt lech och en Iwwerbléck iwwer déi wichtegst Gemengeprojeten, déi viru kuerzem ofgeschloss gi sinn, amgaang oder geplangt sinn.

Mir hoffen, datt dës Informatiounsbroschür lech hëlleft fir en Iwwerbléck iwwer d'Projeten an der finanzieller Situatioun vun ärer Gemeng ze kréien. Mir wënschen iech eng gutt Lecture.

**Äre Schäfferot,
Jean Paul Jost, Nora Forgiarini, Serge Thein**

FR

Chères citoyennes, chers citoyens,

Nous avons l'honneur de vous présenter la première édition de notre « Budgetsbuet », qui vous présentera de façon détaillée les chiffres clés des finances de notre commune, avec entre autres le budget rectifié 2022 ainsi que les prévisions budgétaires pour l'année 2023, adoptés lors de la réunion du conseil communal du 14 décembre 2022.

Cette documentation vous donnera également un aperçu sur les principaux projets communaux récemment achevés, en cours ou prévus prochainement dans notre commune.

Nous espérons que cette brochure d'information vous aidera à avoir une vue d'ensemble des projets et de la situation financière de notre commune et nous vous en souhaitons une bonne lecture!

**Votre collège des bourgmestre et échevins,
Jean-Paul Jost, Nora Forgiarini, Serge Thein**

EN

Dear citizens,

We have the honor to introduce you the first edition of our "Budgetsbuet", which will give you a detailed overview of the key figures of our commune's finances. You will find information of the rectified budget for the financial year 2022 and the forecasts for the budget for the financial year 2023, which were accepted at the communal meeting on December 14th, 2022.

This documentation also gives you an overview of the most important projects that have recently been completed, are in progress or are being planned in our commune.

We hope that this documentation helps you to get an overview of the different projects and the financial situation of our community. We wish you a good reading.

**Your College of Mayor and Aldermen,
Jean Paul Jost, Nora Forgiarini, Serge Thein**

LU

Präsentatioun vum Budget rectifié 2022 an Budget 2023 30.11.2022

Dammen an Häre Gemeindeconseillere,
Dir Dammen an Häre vun der Finanzkommissioun,
Dir Dammen an dir Hären,

Wei um Enn vun all Joer ass et erëm un der Zäit de Budget fir d'nächst Joer hei virzustellen an ofzeseenen. Et ass dëst de leschte Budget vun dëser Legislaturperiod. Am Juni wäert d'Kompositioun vun dësem Gemengerot nei bestëmmt ginn, mee d'Gemengeservicer an all déi Projeten déi amgaang oder a Planung sinn lafe virun.

D'Ausschaffe vum Budget ass de Moment fir ze kucken wat alles am vergaangenen Joer gelaf ass a wat fir déi nächst 12 Méint usteet. Zesumme mat eisem Personal gi mer all eis Servicer a Projeten duerch, kucke wou mer mat allen Aarbechten dru sinn, wat usteet a wat mer u finanzielle Mëttel brauchen fir dat all eis Servicer um Bierger weiderhi gutt fonctionéieren an och déi Projeten déi mir mat a fir eis Awunner realiséieren kënnen ëmgesat ginn.

D'lescht Sëtzung hu mer laang a breet iwwer de Plan Pluriannuel des Finances (PPF) geschwat deen eis weist wei déi mëttelfristeg Finanzen vun der Gemeng ausgesinn, dat op Basis vun den ekonomeschen Eckdaten déi mer vun der Regierung kréien an de Projeten vun der Gemeng.

Déi lëscht Joren ware mer eis net ëmmer sou sécher wat déi budgetär Prognosen ugaange sinn mee mir hunn als Gemeng net opgehalen ze investéieren an ëmmer mat Zouversicht an d'Zukunft gekuckt.

Och dëst Joer si mer nach weit ewech vun der Normalitéit déi mer am Ufank vun dëser Legislaturperiod kannt hunn. De Krich an der Ukraine an déi domat verbonne Liwwerengpäss an onheemlech Haussen op der Energie maachen eise Betriber ze schafen an hunn och en groussen Afloss op den Timing vun eise Projeten.

Wéi all déi lëscht Joren ass och 2022 ganz vill geschafft ginn.

D'Konzepter fir déi wichtegst Projeten fir d'Zukunft vun dëser Gemeng, den Ausbau vum Schoulcampus an der Dällt iwwer déi nächste Joren, d'Neigestaltung vum Zentrum vu Schëtter an den Ausbau vum Recyclingcenter mat engem neien Atelier fir eis Gemengeservicer an engem Interventionszenter fir de CGDIS léie vir.

De Masterplang fir den Ausbau vum Campus an der Dällt huet de Gemengerot ofgeseent. D'Planung vun den éischte Gebaier leeft a wäert an den nächste Méint hei geneemegt ginn. Dank der wäitsiichteger Planung am Kader vum Masterplang garantéiert d'Gemeng Schëtter dat an Zukunft ëmmer déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stinn fir eise Kanner eng Ausbildung a Betreierung ënner optimale Konditiounen ze garantéieren.

Och a Saachen Neigestaltung vum Zentrum vu Schëtter huet de Jury vum Urbanisteconcours de Bureau Metaform als Gewënner zeréckbehal an hei lafen schonn déi konkret Planungen fir d'Ëmsetzung.

Mir sinn alleguete frou dat mer hei all zesummen e flotte Projet konnten zeréckbehalen fir den Zentrum vun eiser Gemeng.

De Projet Gemengenatelier – Recyclingcenter an Interventionszenter fir eise CIS ass och op der leschter "ligne droite". D'Besoinen vun de verschiddenen Bedreiwer si mëttlerweil kloer an d'Modalitéite fir d'Accèsen si gréisstendeels gekläert. Mir haten em Gemengerot dëse Projet kierzlech virgestallt an an den nächste Méint wäerte mer en hei geneemegen.

Dir gesitt, déi 3 gréisst Projeten sinn um gudde Wee a ginn lues a lues Realitéit.

Nieft dëse grouss Planungen ass iwwer déi lëscht 5 Joren awer och soss nach ganz vill geschafft ginn an et sinn nach vill aner Projeten ëmgesat ginn déi mer eis virgeholl haten.

No laange Joren ass 2020 eisen neie Bebauungsplang a Kraaft getrueden. Mir hunn eis als Schëtter, zesummen mat eisen Awunner, e gemässegte Wuesstem vun 1,7% d'Joer ginn. Am Moment si mir mat villen neie Bauprojeten befaasst well munch Propriétaire op nei Reglementatioun gewaart huet fir säi Projet auszeschaffen.

Dëst sinn souwuel Projeten am Bestand wou déi festgehalen Noverdichtung elo statt fënnt oder op deene Flächen déi scho méi oder wéineger laang am PAG sinn an déi elo bebaut solle ginn.

Mir probéieren déi verschidden nei Projeten esou optimal wéi méiglech an de Bestand an an d'Landschaftsbild un ze passen mee wann mer eis als Land Wuesstem a Reduzéierung vum Flächeverbrauch op de Fändel geschriwwen hunn da bedeit dat onweigerlech méi grouss Gebaier méi no beieneen. Et huet een heiansdo eng kleng Tréin am Aen wann ee gesäit wéi erëm en Haus ofgerappt gëtt wat en zanter éiweg kennt, mä d'Welt geet virun a mir hunn am Kader vun eise Bebauungsplang alles gemaach fir dat eis Gemeng trotz Wuesstem en Deel vu sengem ländlech Charakter erhalte wäert.

Mir stellen natierlech ëmmer erëm fest dat verschidde Reegelen mussen ugepasst ginn fir dat verschidden Terrainen kënnen rationell bebaut ginn an am Laf vum Joer falen esou ëmmer erëm Ofännerungen vun PAG, PAP-QE a Bautereglement un fir déi mer am Budget och déi néideg Mëttel virgesinn hunn.

Mam nei Bebauungsplang hu mer vill méi e komplex Reeglerwierk wat d'Bebauung ugeet. Dank eiser Virausiicht hu mir hei zu Schëtter dat néidegt qualifizéiert Personal agestellt sou dat eis Servicer déi vill urbanistesche Projeten wou ganz vill Aarbecht tëscht der Demande an dem Ausstellen vun der Baugenehmigung ufällt, an enger verstänneger Zäitspann kënnen traitéieren.

Nei Logementer geneemegen geet awer bei wäitem net duer. Eis Aufgab als Gemeengeverantwortlech ass et derfir ze suergen dat eisen Wuesstem net op d'Käschten vun eiser Liewensqualitéit geet.

Eis Natur, eis nach gréisstendeels intakt Ëmwelt, eise soziale Wuelstand an Zesummenhalt, eist Gemeinschaftsliewen, all dat gëllt et ze erhalen.

Ech kann et ëmmer nëmme widderhuelen, d'batter Realitéit ass dat een sech haut oft hei zu Schëtter keng Wunnecht méi ka leeschten, souguer wann een zu zwee schaffe geet. An d'Loyereren sinn och ganz héich, wann dann iwwerhaupt emol eppes fräi ass.

Säit Joren stelle mer eise Matbierger iwwer de Wee vum subventionéierte Wunnengsbau Appartementer an Haiser zur Verfügung fir dat si kënne bei eis an der Gemeng wunne bleiwen. An dat war a bleift eng vun eise wichtegst Prioritéiten hei zu Schëtter. Och an eisem Budget stellt de subventionéierte Wunnengsbau en héije Posten duer.

De Problem vum Wunnengsbau ass zanter laangem bekannt an als Staat a Gemengen mussen mer zesummen all Weeër probéieren, dat heescht och neier, fir eisen Awunner abordabel Wunnechten unzébiden.

Mir waren bei den éischte Gemengen déi de Pacte Logement 2.0 ënnerschriwwen hunn an haut wäerte mer jo och nach de Plan d'Action Local Logement hei ofseenen an deem mer eis éischt Richtlinie ginn fir zesummen mam Logementsministère zousätzlechen bezuelbare Wunnengsraum schafen deen dann och an öffentlecher Hand bleiwe soll.

Am Kader vun deene verschiddenen PAP'en kritt d'Gemeng och Terrainen fir an Zukunft weidere Wunnengsbau ze realiséieren. An och am Kader vum Schëtter Duerfkär si Wunnechten fir all Generatiounen geplangt.

Wat eis aktuell Projeten ugeet sinn dëst Joer eis zwee Haiser zu Iwwersiren fäerdeg ginn an d'Famillen hunn do de Schlëssel elo kierzlech kritt. Och eist Haus um Schënnbierg dat mer der Wunnengshëllef verlount hunn ass souwäit fäerdeg a gëtt spëtstens Ufank nächst Joer vu siwen Jugendlechen bewunnt.

Am Moment hu mir als Gemeng 8 Wunnechten an 11 Haiser verlount.

Zu Aalschëtter an der rue du Village hu mer e Projet gestëmmt deen am Laf vum Joer wäert ufänken an zu Schëtter sinn d'Aarbechte verginn fir eng zousätzlech Wunnecht an engem vun eisen Haiser ze amenagéieren dat mer viru Joren kaaft hunn.

Mir gesinn dat et als Gemeng wichteg ass Haiser ze kafen, se iwwer dee Wee ze erhalen an an engems erschwéngleche Wunraum ze schafen. Mir hunn dëst Joer och d'Haus 2, rue des Champs kaaft dat mer "Schëtter Hëllef" gratis zur Verfügung stellt hunn fir do Ukrainesch Matbierger wunnen ze loossen bis fir deen Terrain e Projet ausgeschafft ginn ass.

Och an Zukunft wäerte dës Gemeng probéieren wou et méiglech ass kleng Projeten an eisen Uertschaften ëmzesetzen déi an d'Struktur vun eiser Gemeng passen an iwwer déi mer eng gutt sozial Mëschung an alle Quartieren kënne garantéieren.

Duerch d'Entwécklung vun den Immobiliëpräisser gëtt et awer och fir eis als Gemeng ëmmer méi schwéier fir Haiser oder Terrainen fir e verstännege Präis ze kafen. Mir kënnen och net onendlech Geld an de Wunnengsbau steechen a musse versiche dat sech zukünftig Projeten selwer droen, dat heescht dat mer en Deel vun de Wunnechten verkafen an iwwer dee Wee eis Part vum Invest ofdecken.

Mam neie Pacte Logement 2.0 ännert och de Kader vun de Subventiounen a mir mussen elo all eis Projeten esou plangen dat se den neien Konditiounen entsprechen. Dëst bedeit méi Opwand fir eis Servicer awer mir wäerten als Gemengen weider logistesche a finanziell Ënnerstëtzung kréien fir derfir ze suergen dat och an Zukunft eng Persoun mat engem normalen Akommes hei an der Gemeng nach eng Wunnecht fënnt.

Ee Punkt op dee mer iwwer déi lescht Joer och ëmmer ganz vill Wäert geluecht hunn ass d'Zesummeliwwen vun eisen Awunner.

Mir sinn eng Gemeng an der iwwer 80 verschidden Natiounen liewen an an där vill Sproochen geschwat ginn. Mir maachen e Maximum fir eis Awunner zesummen ze bréngen wou mer nëmme kënne fir dat si d'Geleeënheet fannen sech kennen ze léieren, auszetauschen, mateneen ze féieren.

Bei gréisseren Veranstaltungen wéi Nationalfeierdag, eisem Wochemaart, Chrëschtmaart an aner Fester an eiser Gemeng klappt dat ganz gutt.

Well mer eis awer alleguer bewosst sinn dat et net duergeet sech just bei dëse Geleeënheeten ze begéinen hate mer iwwer déi lescht Joren den Integratiounsplan vun eiser Integratiouns- a Chancëgläichheetskommissioun, eisen Plan 55+ vun der 3. Alters, Sozial a Familljekommissioun an eise Jugendkommunalplan vun eiser Jugendkommissioun ausgeschafft. An deem Kader hu mer eise Matbierger d'Méiglechkeet ginn eis hier Wënsch a Virschléi fir eng Verbesserung vun eisem soziale Liewen matzedeelen an mir hu ganz vill Retouren op eise Froebou kritt.

Wa mer d'Retouren ausgewäert hunn da wësse mer och méi genee wat de Bedarf u Wunnengsraum fir eis eeler Generatiounen ass a kennen dann och endlech méi konkret an déi Richtung plangen.

Am Laf vum Joer huet de Schäfferot de Pakt vum Zesummeliwwen mat der Familljeministesch an dem Syvicol ënnerschriwwen an deem elo d'Aarbecht vun eisen dräi Pläng zesummegeluegt gëtt an iwwer dee mer dann och finanzielle Support vum Staat kréien fir eis Aarbecht am Interessi vum Zesummeliwwen vun eise Bierger.

De Schëtter Maart deen och am Kader vum Integratiounsplan entstan ass huet nach ëmmer vill Succès an am Budget hu mer och e Poste virgesinn fir de Maart weiderhin esou attraktiv ze halen.

Mam neien Zentrum vu Schëtter wäerte mir eng liewege Mëtt zu Schëtter kréien wou mer eis an Zukunft nach méi begéinen, austauschen a matenee feiere kënnen.

Och de Campus an der Dällt wäert eng Plaz sinn wou sech an Zukunft nach méi Bierger begéine wäerten. Den Haff vun der aler Minsber Schoul mat senge Pétanqueterrainen, de Site vum Fussballsterrain, mam Skatepark an deem neie Pumptrack, eis Spillplazen, eis Hondswiss, all déi Plazen mussen och an Zukunft attraktiv bleiwen fir dat eis Awunner sech do gäre begéinen.

Mir wunnen an enger schéiner a grénger Gemeng.

Mir wëssen awer all wéi et em eis Ëmwelt steet an dat mer dréngend mussen handeln wa mer eise Kanner net wëllen eng zerstéiert Welt hannerloossen.

Eist Drénkwaasser dat mat Nitrater a Pestiziden belaascht ass, eis Baachen déi duerch eist Ofwaasser verschmotzt sinn a laascht deenen hier Ufer et ëmmer méi plakeg gëtt, eis Oppeland op deem Hecke, Beem an Ackerrandstrëifen verschwannen, eis Loft déi hei am Syrdall nach an der Rei ass, mee wou mer och mussen oppassen dat mer dës Qualitéit behalen, den Nuetshimmel deem duerch iwwerméisseg Beliichtung "verschmotzt" gëtt, d'Klima dat sech erhëtzt an all d'Konsequenze dovunner déi mer erliewe mussen.

All dat si Problemer fir déi och mir als Gemeng dréngend mussen hëllef Léisungen ze fannen.

D'Iwwerschwemmungen vum 14 Juli 2021 sinn nët vergiess. De Schäfferot huet en Héichwaasserkonzept an Optrag ginn an deem d'ganz Gemeng analyséiert gëtt an dann déi verschidde Moosnamen fir den Héichwaasserschutz koordinéiert ausgeschafft an ëmgesat ginn.

Als Gemeng hu mir eis och e Leitbild ginn un dat mer eis an Zukunft hale mussen fir dat all eis Projeten em Klima an Ëmweltschutz Rechnung droen. Dëst Leitbild ass em Gemengerot am September hei virgestallt ginn an eestëmmeg ugeholl ginn.

Mir hunn déi deementspriedend finanziell Mëttel an eise Budget virgesinn an och all d'Projeten déi mer ëmsetzen ginn an Zukunft vun Ufank un op hier Nohaltegkeet gepréift. Ökologesch, energieeffizient, erëm verwäertbar – dat därefen och an Zukunft hei zu Schëtter keng eidel Wieder sinn mee déi Krittären musse vun all Planungsteam vun Ufank un mat opgehall ginn.

Eis Bauhäremapp déi mer erstallt hunn fir jiddereen deen hei an der Gemeng baut soll derfir suergen dat och d'Privatleit dës Krittären applizéieren.

Mir sinn eis bewusst dat an Zukunft eis Projeten beim éischten Invest vläicht e bësse méi deier sinn mäi dat Geld kréie mir iwwer d'Liewensdauer vun deene verschiddene Gebaier méi wéi erëm a mir droen mat eise Handeln substantiell zur Verbesserung vun eiser Ëmwelt bäi.

Mir si Klimabündnisgemeng, Klimapaktgemeng, Naturpaktgemeng, Fairtradegemeng, hunn d'Labelen vun der Superdreckskëscht a vun "Esou schmaacht Lëtzebuerg", vu Greenevents, ouni Pestiziden, FSC a PEFC – a mir setzen dat ëm fir dat mer eis an dësem Kader engagéiert hunn.

Notre guide pour maîtres d'ouvrages créé par nos soins à l'attentionMir hunn am leschte Joer e Beliichtungskonzept opgestallt dat mer elo ëmsetzen an e Konzept fir als Gemeng op Elektromobilitéit ëmzeklammen ass esouwäit fäerdeg. Mir hunn e Gréngfläheplang, e Ressourcekonzept, Mobilitéitskonzept, Klimapassungskonzept an en nohaltegt Digitaliséierungskonzept. All dës Konzepter sinn net fir den Tirang, mäi mussen an Zukunft bei all eise Handeln berücksichtegt ginn.

Intern an eise Servicer ass a bleift nohaltegt Handeln an e respektvollen Ëmgang mat de Ressourcen e permanent Thema. Mir erënneren eis Mataarbechter ëmmer erëm drun dat si musse kloer Prozeduren an Nohaltegkeetskrittären beim Akafen a bei all hirem Handeln respektéieren. Och fir Sie ass et net ëmmer einfach vun deenen ale Gewunnechten ewech ze kommen a se mussen och oft e bësse sichen ier se déi Saache fannen déi eise Krittären entsprechen, mäi et gëtt ëmmer méi zu Gewunnecht.

Duerch eist Offall Reglement dat séit 2 Joer nom Prinzip vum "pollueur – payeur" fonctionéiert hu mer et fäerdeg bruet d'Quantitéit vun Dreck dee muss verbrannt ginn ganz staark ze reduzéieren a vill Matière wéi Glas, Pabeier, Plastik an organescht Material dat virdrun op der SIDOR huet missen fir deier Geld verbrannt ginn gëtt elo recycléiert oder kompostéiert.

Ab dem 1. Januar ginn och d'Präisser vu Waasser an Ofwaasser an d'Luucht. Mir hunn dës Präisser missen upassen, engersäits fir eis un d'Waassergesetz unzepassen, op der anerer Säit fir d'Käschten vun dësen elementaren Servicer ze decken.

Fir eis all ass et selbstverständlech dat ëmmer frësch a proppert Waasser aus der Leitung kënn an dat all dat knaschtegt Waasser dat mer produzéieren problemlos verschwënt.

Mäi hannert dëse Servicer stécht e groussen Opwand, deen ëmmer méi komplex an deier gëtt an iwwer déi Taxen déi mer heifir bezuelen gëtt nach nëmme en Deel vun dëse Käschten ofgedeckt.

Mir hunn iwwer déi läscht Joren eis Quelleschutzgebidd ausgewisen an e Moosnahmekatalog ausgeschafft fir eist Drénkwaasser ze schützen. Am Moment leeft d'Ëmsetzung vun dëse Moosnamen zum Schutz vun eise Waasser am Kader vum SIAS an déi néideg Kreditter fanne mer och an dësem Budget. Den Ausbau vun der Kläranlag ass am Lafen. Mir schwätzen schon eng Zäit heivunner, mäi och de Bau vun de Kläranlagen gëtt ëmmer méi komplizéiert well déi Schuedstoffer déi mëttlerweil mam Ofwaasser ukommen ëmmer méi komplex ginn.

D'Auslaafwerter déi mussen agehale ginn mussen och ëmmer méi streng ginn, a mir wësse jo och all dat, wann eis Baachen ëmmer manner Waasser hunn, mir mussen oppassen dat dat gerengegt Ofwaasser wat mer do dra leeden och muss eng optimal Qualitéit hunn. Op den neien Kläranlagen wäert an Zukunft och eng feiert Rengegungsstuf no geschalt ginn fir d'Ofwaasser nach méi efficace ze klären.

An och eise Klärschlamm dee mer fréier op d'Felder konnte féieren ass elo oft esou belaascht dat e muss hei oder am Ausland fir vill Geld verbrannt ginn.

All dëst ass mat ganz héije Käschte verbonnen déi och net ophalen ze klammen wa mer weider fueren wéi bis elo.

Wat den Naturschutz ugeet versiche mer zesumme mat eisem Fierschter, dem SIAS, eisem Animateur Natura 2000 an der Flosspartnerschaft Syre, wou et nëmme geet eis Bëscher, Baachen, Kulturlandschaften a wäertvolle Liewensraum ze erhalen, ze verbesseren an ze schützen. Och eis Ëmwelt- an eis Landwirtschaftskommissiounen ënnerstëtzen eis ganz aktiv bei eisen Aktiounen fir de Schutz vun eisem Liewensëmfeld. De Projet "Gewan entdecken" ass nëmme ee flott Beispill.

De Kaméidi gëtt och ëmmer méi zu enger Belaaschtung fir eis Awunner.

Mir probéieren all Kaméidisquellen souwäit wéi méiglech ze verhënneren andeems mer bei alle Planungen den Aspekt Kaméidi kucken a Moosnamen dergéint virschreiwen. Eng grouss Diskussioun an deem Kader sinn am Moment d'Wärmepumpen vun deenen et der, duerch déi aktuell Energiekris, ëmmer méi gëtt an déi, jee nodeem wou se stinn a wéi se installéiert sinn, eng grouss Belaaschtung fir d'Noperschaft kënne ginn. Wat d'Fliegen ugeet do si mer zesumme mat eisen Interessevereenegungen ëmmer nach a Verhandlung mam Staat fir dat verschidden Upassungemaach ginn wat d'Fluchrouten, souwuel vun der Hobby – wéi och vun der kommerzieller Loftfaart, an dat méi roueg Fliger fir d'Fluchschoulen benotzt ginn.

Ee wichtegt Element, iwwer dat och jidderee vun eis kann zum Schutz vun eiser Ëmwelt bäi droen ass d'Mobilitéit.

Nodeems de Réseau vum RGTR komplett ëmorganiséiert ginn ass a mir eis all hu missen ëmwinne, probéiere mir als Gemeng nach permanent unzepassen an no ze besseren fir eis Dierfer nach méi optimal un den ëffentlechen Transport un ze bannen. Mir sinn och, zesumme mam Transportministère, amgaang eng Analyse an der Aktivitéitszone ze maachen fir dës besser unzebannen.

Mir hunn dëst Joer eng Mobilitéitskaart vun eiser Gemeng ausgeschafft op der een all Arrête vu Bus an Zuch mat den entspreche Lignen drop fënnt an och aner wichteg Informatiounen wéi Parkingen, Luedstatiounen asw.

Op de Bushaltestellen hu mer QR-Coden ubruecht déi ee scannen kann an da weess een wéini den nächste Bus kënnt.

Am Budget hu mer Kreditter virgesinn fir nach zousätzlech Busarrête ze installéieren fir dat mëttelfristeg kee méi muss am Reen op e Bus waarden .

Mir hunn dëst Joer och zesumme mat der Gemeng Nidderaanwen eis zwee Ruffbussen zesumme geluecht. Den neie gemeinsame "Ruffbus Syrdall" bedéngt elo de ganzen Territoire vun eisen 2 Gemengen a fiert donieft präzis Punkten an eisen Nopeschgemengen un. Dëst ass eng enorm Verbesserung vun deem Service a mir zielen mëttlerweil bis zu 1.000 Faarten de Mount.

A wann ee Mobilitéit seet dierf een de Vëlo net vergiessen.

Mir konnten viru kuerzem de Foussgänger- a Vëloswee tëscht Minsbech an Nidderaanwen offiziell aweien. Et feelt nach e Stéck op der Nidderaanwener Säit mäi dësse Projet weist wéi schwier et ass an deem Land e puer honnert Meter Wee am Interessi vun der Allgemengheet ze bauen wann ee mat verschiddenen Proprietairen a Verwaltungen ze dinn huet.

Wat de Wee tëscht der Gare an dem Parc d'Activités ugeet, do hu mer den Accord vun de Proprietairen an do waarde mer op eng Ëmweltetude an Accorden vun der CFL fir eis Planung kënne ze finaliséieren.

A Saache Vëlospist um Ofwaasserkollekter tëscht Minsbech an dem Sennengerbiere huet Ponts & Chaussées eng Maachbarkeetsetude gemaach a mir hunn deemnächst Rendez-vous beim Bauteminister fir ze kucken wéi mer an deem Dossier viru kommen.

E flotte Projet dee mer realiséiere konnten a vun deem eis Bierger säit kuerzem profitéiere kënne ass de Wee laanscht d'Bunn tëscht dem Haus 162 rue Principale zu Minsbech an der Gare.

Dann hu mer och de Projet fir de Reamenagement vun der Haaptstrooss tëscht dem Haus 119, rue Principale an der Schoul gestëmmt wou mer den Trottoir wäerten op 2,50 Meter verbreed fir dat op mannst d'Kanner kënne sécher mam Vëlo op deem Deel an d'Schoul fueren.

Mir sinn och permanent amgaang bei eise Bierger an de Servicer vun der Müllabfuhr ze intervenéieren dat se d'Trottoiren fräi halen well des sinn reegelméisseg duerch d'Dreckskechte blockéiert.

Dir gesitt, a Saachen Ëmwelt a Mobilitéit ass enorm vill geschitt iwwer déi lescht Joren an eis Zertifizéierung vun 72% am Klimapakt ass de Beweis dofir. Mä et bleift och nach villes ze maachen a mir mussen eis weiderhin déi finanziell a personell Moyenen ginn fir all déi Zieler ëmzesetzen déi mer eis ginn hunn.

Eng vun eise wichtigste Missiounen ass derfir ze suergen dat eis Schoul- an Opfaangstrukture an eis Sportsinstallatiounen mam Wuesstem vun der Gemeng mathalen.

Mir hunn eis duerch de Bebauungsplang e kloren Wuesstem ginn an domadden och eng kloer Planungsorgab fir den Ausbau vun eisem Schoul Campus an der Dällt.

Als Gemengeresponsabel hu mer direkt déi néideg Planung an Ugrëff geholl an de Masterplang fir den Ausbau vun de Schoulinfrastrukturen läit vir.

Den Aarbechtsgrupp dee mer an deem Kader agesat haten huet eng excellent Aarbecht geleescht an all betraffe Parteien bleiwen och weiderhin eng mat an d'Planung agebonn déi jo och permanent der sozialer a wirtschaftlecher Entwécklung muss ugepasst ginn.

De Masterplang gesäit den Ausbau vu Schoul, Crèche a Maison Relais vir, mat donieft enger Schoulschwämm, enger Tennishaal an neien Tennisterrainen.

Et ass um Gemengerot déi verschidden Etappen iwwer déi nächst Joren ëmzesetzen, jee no Drénglechkeet an op Basis vum Wuesstem an der Entwécklung vun der finanzieller Situatioun hei zu Lëtzebuerg an domadden och an der Gemeng.

Mir hunn e ganz flotte Schoulcampus op deem an de leschte Joren ganz vill ëmgesat ginn ass, dat zesumme mat all de Beträffenen déi um Site aktiv sinn. Nei Schoulhäff, Schoulgaart, Alpakaen, Büroen fir d'Schoulverwaltung a viles méi.

Dat geet och esou weider an de groussen Defi bleift et dës Chantieren esou auszuféieren dat zu all Moment d'Sécherheet vun de Kanner garantéiert ass an de Schoulbetrib net gestéiert gëtt.

Ech widderhuelen et hei och all Joer, d'Sécherheet vun eise Kanner a vun eise Personal um Schoulcampus bleift eist haapt Uleies.

Dat huet säi Präis, an och wa mer regelméisseg duerfir kritiséiert ginn hale mer drop dat eng gutt opgestallt Equipe vu Conciergen a kompetent Mataarbechter vun eise Facility Management do sinn fir permanent d'Sécherheet vun eisen Installatiounen ze garantéieren an unzepaken wou ëmmer hier Hëllef gebraucht gëtt.

Iwwerall an eiser Gemeng steet Sécherheet op éischter Platz an dat geet nëmme mat engem permanenten Entretien vun eisen Installatiounen. Op eise Spillplazen mussen mer permanent Spiller erneieren oder ergänzen an all Joer d'Sécherheet iwwerpréiwen, eis Wanderweeër mussen mer ënnerhalen an och op eisen ëffentleche Plätzen ass e regelméisseg Entretien gefrot. D'Ekippe vum CIGR-Syrdall an der Aarbechtshëllef ënnerstëtzen eis Leit heibäi a zesumme leeschten si eng ganz gutt Aarbecht.

Dat wat fir d'Schoul gëllt ass selbstverständlech och de Fall fir sämtlech Infrastrukturen vun eise Veräiner, och hei maache mer permanent Ënnerhalts- a Verbesserungsarbeiten fir déi um leschte Stand vun der Sécherheet ze halen.

Mir wëssen dat et eis Veräiner sinn déi aus Schëtter eng lieweg Gemeng maachen an duerfir stinn am Budget och d'Krediter fir de Bau vun neien Openthaltsraum fir de Fussball mat Formationsraum fir hier Jugend a fir d'Finaliséierung vun der Planung fir den neie Scoutschalet deen am Kader vum Projet Duerfkär ëmgesat gëtt.

Nieft all de Gebaier a Raimlechkeet déi mer bauen stécht d'Gemeng awer och ganz vill Aarbecht a Geld a Projeten déi manner opfale. Et ass dat den Ënnerhalt vun eisen technesch Infrastrukturen wéi Stroossen a Reseauen.

Ech wëll e puer vun dëse Chantieren opzielen déi am Moment amgaang oder a Planung sinn.

Zu Minsbech/Iwwersiren sinn d'Buerungen amgaang am Kader vum Bau vun engem groussen Réckhaltebecken tëscht der Syre an dem Pavillon vis à vis vun der Gare. Am Ausgang vu Minsbech Richtung Nidderaanwen wäerten deemnächst och verschidde Kanalarbechten gemaach ginn am Kader vun der Realisatioun vun engem Wunnensbauprojet.

Da mussen mer als Gemeng an Zukunft och e puer Reewaasserkanal leeden fir Iwwerflächewaasser aus eise Schmutzwaassernetz eraus ze kréien an direkt an d'Syre ze leeden.

D'Aarbechten fir d'Verleiden vun enger neier Waasserleitung vum Parc d'Activités Syrdall duerch d'Schlamwiss op Iwwersiren fir iwwer dee Wee eis Dierfer zousätzlech ofzesécheren fir de Fall vun enger gréisserer Pann um Waasser si geschwënn ofgeschloss. Dës Aarbechten ginn am Kader vum Ofwaasserkollekter Findel – Kläranlag duergefouert.

Wat eis Stroossen ugeet sinn d'Aarbechten an der rue du Village zu Aalschëtter ofgeschloss. Dëst war keng einfach Zäit fir d'Awunner vun Aal-Schëtter mä si hunn elo eng flott verkäiersberouegt Strooss déi e grouse Plus fir hier Liewensqualitéit bedeit. Um Neihaischen sinn d'Aarbechten an der rue de Senningen déck amgaang an dee Projet soll bis Enn 2023 ofgeschloss ginn. Op Héicht vun der Kapell um Neihaischen ginn deemnächst och d'Aarbechten un fir eng Verkäiersberouegungsmoossnam.

Zu Schraasseg si mer amgaang mam Projet fir en Trottoir an der rue de Luxembourg ze bauen an d'Entrée vun der Schlassgewann nei ze maachen. D'Pläng fir d'3oer Zone zu Minsbech an de Réaménagement vun der Hauptstrooss bis op Schëtter sou wéi dem Haff bei der Minsbech Schoul si geneemegt an d'Ausschreibungsdossieren kënnen virbereet ginn.

Jiddereen deen duerch eis Gemeng fiert gesäit dat vill geschafft gëtt. Mir versiche permanent all eis Infrastrukturen um leschte Stand ze halen an eise Bierger optimal Konditiounen ze bidden. Chantieren heeschen natierlech och ëmmer Stress, mä um Beispill rue du Village hu mer jo awer gesinn dat d'Gedold sech lount.

Wat d'Ëmsetzungen vun eise Projeten ugeet si mer am permanente Gespräch an Austausch mat eise Kommissiounen, Veräiner a Bierger an et ass schéin ze gesinn wéi der vill vun hinnen sech fir hier Gemeng asetzen an iwwer déi lescht Joren begeeschtert mat geplangt a geschafft hunn.

An trotz ville Chantieren an och verschiddenen Reklamatiounen ass et ëmmer erëm schéin wann ee vu senge Bierger e positive Retour kritt fir déi gutt Aarbecht déi hier Gemeng leescht.

Alles wat mer iwwer déi lescht Joren geleescht hunn an och an Zukunft nach mussen maachen geet awer nëmme mat kompetentem Personal. Dank eiser wäitsiichteger Personalpolitik an dem konsequenten Astellen vu gudde Mataarbechter ass dës Gemeng haut amstand d'Erausforderungen vun der Zäit ze meeschten.

Mir hunn eise engagéierte Personal ze verdanken dat mer iwwer déi lëscht Joren gutt duerch déi schwiereg a komplizéiert Zäit komm sinn, dat mer eise Bierger permanent déi gewinnte Servicer an der gewinnten Qualitéit konnten ubidden. Mir mussen eis ëmmer bewusst bleiwen dat mer als Gemeng en Déngschtleeschtungsbetrib sinn, fir eis Bierger a finanzéiert vun eise Bierger. Mir sinn do fir ze garantéieren dat si an dëser Gemeng propper, sécher an angeneem liewen kënnen.

Am Laf vun dësem Joer hu mer en zousätzleche Mataarbechter an eisem Service Urbanisme age stellt dank deem mer elo garantéiere kënnen dat eis Baugeneemegungen an engem ugemooenen Delai kënnen ausgestallt ginn – Viraussetzung ass natierlech ëmmer dat mer e propperen a kompletten Dossier erakriegen.

Eis Sekretariat hu mer duerch e Finanzmann verstärkt. Mir sinn eis bewusst wéi wichteg et an Zukunft ass zu all Moment eng kloer Siicht op eis finanziell Situatioun ze hunn. Elo wou mer eis grouss Projeten ëmsetzen gëllt et permanent de Suivi vun den Ausgaben ze maachen an och derfir ze suergen dat all staatlech Hëllef ugefrot an ausbezueelt ginn. Deen neien Mataarbechter huet dës Mount ugefaang a konnt bei der Opstellung vum Budget schon seng éischt Erfahrungen sammelen.

Eis technesch Equipe hu mer an de leschte Joren ëmmer erëm mat qualifizierten Aarbechter verstärkt an dës Joer sinn hei och nach zwee weider Leit bäi komm. Si sinn déi di all Dag derfir suergen dat eis Infrastrukture ronderëm d'Auer fonctionéieren.

Den neien Atelier dee mer an enger Koordinatioun mat hinne geplangt hunn wäert och deemnächst Realitéit ginn sou dat si dann och an Zukunft ënner optimale Konditiounen wäerte schaffen kënnen. Iwwer déi lescht Joren hu mir och permanent dat néidegt neit Material ugeschafft dat si fir hir alldieglech Aarbecht brauchen.

Wat eis administrativ Servicer ugeet do sinn d'Büroen um Späicher vun der aaler Schoul zu Schëtter geschwënn fäerdeg an dann hu mer déi néideg Raimlechkeeten déi mer brauchen bis den Ausbau vun der Gemeng fäerdeg ass dee mer am Kader vun den Aarbechten am Duerfkär maachen.

Um Schoucampus ass de Bau vun den neie Bureauen ofgeschloss an am Centre Culturel hu mer am Laf vum Joer ee vun eise Conciergen ersat an eng zousätzlech Persoun age stellt. Mir hunn och eng Receptioun an der Schoul organiséiert déi mer am Moment iwwer d'Aarbechtsamt besat hunn. Elo ass de Campus an der Däilt iwwer de ganze Dag besat an d'Sécherheet op dem Site zu all Moment garantéiert.

D'Käschte vir eist Personal sinn natierlech e wichtige Posten am Joresbudget, mä fir en Déngschtleeschter ass dat normal. An nëmme gutt dat mer vun Ufank un eiser Flucht nokomm sinn dat néidegt Personal anzustellen fir kennen de Service un eise Bierger ze garantéieren well et gëtt hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi schwéier qualifizéiert an erfuerent Personal ze fannen, souguer fir eis als Gemengen a Syndikater. A wa mer ronderëm eis kucken gesi mer dat am Moment all d'Gemengen am Land permanent Personal astellen an an engem rezente Benchmarking hu mer jo gesinn dat mir als Gemeng Schëtter am Budget ënnert der Moyenne leien vun 31 Gemengen tëscht 3.000 a 6.000 Awunner.

No allem wat ech iech elo gezielt hunn weess jo jiddereen wat mer all Dag leeschten a wat och weiderhin als Gemeng op eis zoukënnt. Eis Aufgaben wäerten net ofhuelen, weder un Unzuel nach u Komplexitéit.

Fir all dës Aufgaben ze meescheren a fir all eis Projeten ëmsetzen heescht et parallel och mussen déi néideg Finanzen parat ze hunn.

Déi finanziell Situatioun vun eiser Gemeng ass gutt an trotz deene villen Investissementen an de leschte Joren hate mir um Enn vum Exercice 2021 nach 16,6 Milliounen € an der Keess. Donieft hu mer nach ronn 1,6 Milliounen € op eise Reservekonten a mir hu keng Scholden.

Mir hunn eng gutt Basis fir all déi Projeten unzegoen déi mer eis als fir d'Zukunft virgeholl hunn. Dat heescht awer och dat mer weiderhin virsiichteg mat deen Moyenen ëmginn déi mer hunn. Mir müssen och eis Taxen weiderhin reegelméisseg unzepassen fir dat verschiddeener vun eise Servicer ëmmer käschtedeckend funktionéieren. An natierlech musse mer och wéi bis elo ëmmer wëssen dat déi finanziell Situatioun vun de Gemengen och ganz staark vun der Konjunktur op nationalem an internationalem Niveau ofhänkt.

Wa mer viru fueren d'Gelder vun der Ëffentlechkeet “en bon père de famille” ze geréieren kann dës Gemeng sou séier näischt geschéien.

D'Personalkäschte maachen (2023) 30,77 % un eisen uerden- tlechen Ausgaben aus. Si steigen dës Joer ëm 314.920,00 € par Rapport zu 2022, also 7,01 % well mer eis iwwer déi lescht Joren optimal opgestallt hunn fir permanent all deene Missiounen gerecht ze ginn déi mer hunn an deenen déi an Zukunft nach op eis dueren kommen.

Mir sinn och amgaang eng Analyse vun eise Servicer ze maachen fir de Fonctionnement ze optiméieren an all eist Personal optimal an ze setzen an och esou dat all Posten e Backup huet.

50 Leit schaffen am Moment op der Gemeng, 24 dovun sinn Aarbechter a 26 Beamten oder Privatbeamten.

Eis ordinär Einnahme steigen ëm 1.172.679,80 € dat sinn 5,74 % par Rapport zum Budget Rectifié. Vum Budget initial 2022 op de Budget 2023 ass et eng Steigerung vun 9,92%. Eis Ausgabe steigen och op der anerer Säit ëm 1.100.022,20 €. Dat sinn 7,57% par Rapport zum Rectifié 2022. D'Steigerung vu Budget initial 2022 op de Budget 2023 ass bei 5,5%.

Hei gesäit een dat mer eng ganz gesond Situatioun am ordinären hunn wou d'Käschten an absoluten Zuelen mueren séier steigen wéi d'Einnahmen. An dat obwuel mer wéi iwwer déi lëscht Joren och an dësem Budget eisem Prinzip trei bleiwen d'Recetten virsiichteg anzusetzen, fir net mat Geld ze plange wat net sécher erakënnt an d'Ausgaben héich genuch virzegesi fir och emol Eppes Wichtige kënnen ze finanzéieren dat eventuell net virgesi waren.

Budget rectifié 2022

Ier mer zum Budget 2023 komme kucke mer eis hei nach eng Kéier d'Zuele vum Budget rectifié 2022 un, iwwer dee mer jo virum Budget 2023 ofstëmmen.

Am Budget rectifié 2022 hu mir uerdentlech Recettë vu ronn 20,41 Milliounen €, also 3,96 % méi wéi bei der Opstellung vun dem Budget 2022 ageschat.

Déi uerdentlech Depense schätze mer fir 2022 op 14,53 Milliounen. Si sinn also 1,86 % méi niddereg wéi am Budget initial 2022 ageschat.

Ënnerscheeder am Verglach zu dem Budget initial goufen et ënner anerem op follgende Posten:

15.000 €	manner bei de Fonctionnementskäschtchen vun de Kommissiounen
64.305 €	méi bei de Fonctionnementskäschtchen vum Sekretariat
38.600 €	méi bei de Fonctionnementskäschtchen vum Service Technique
367.138,57 €	méi bei den Ressources non-affectées
81.710 €	manner bei Funktionementskäschtchen vun der Maison Relais
27.600 €	manner bei den Aides au Réemploi
45.000 €	manner bei den Entretienkäschtchen vun de Feldweeër
59.700 €	manner bei dem Fonctionnement vum Service forestier
115.707,44 €	méi bei den Musekskuren a Gebaier fir d'Musekskuren
12.500 €	méi bei den Ausgaben fir Feierlechkeeten
74.190 €	méi bei de Funktions- an Entretienkäschtchen vun der Schoul

Bei den ausseruerdentleche Recette leie mir mat 2,87 Milliounen € ëm ronn 61,33% méi déif wéi ursprénglech ageschat.

Déi wichtegst ausseruerdentlech Einnahme fir 2022 sinn:

200.000 €	Infrastrukturtaxen a Remboursementer vun Infrastrukturen
1.946.845 €	Staatlech Subsidien am Kader vum soziale Wunnengsbau
358.845 €	Susid vum Staat fir d'Appartementer 50+ in der Acht

Ausseruerdentlech Depensen hu mir am Joer 2022 fir ronn 15,40 Milliounen € gemaach. Dat si 50,11 % manner wéi am urspréngleche Budget agesat.

Déi wichtegst Ausgaben waren dëst Joer:

140.284,39 €	fir den Ëmbau vum Paschtoueschhaus
345.000 €	fir den Urbanisteconcours Kiercheplaz
25.000 €	fir Fraisen fir den Developpement vun engem geographeschen Informatiounssystem
25.000 €	fir Upassungen am Kader vum neie PAG
50.000 €	fir d'Planifikatioun vum den neien Duerfkär Schëtter
500.000 €	fir den Embau vum Spaicher vum Service technique
15.000 €	fir eng Réévaluation vum plan communal fir d'Jugend
10.000 €	fir den Integratiounsplang
14.742 €	fir d'Etude vum Projet fir den Centre d'intervention Intercommunal
140.000 €	fir d'Réfectioun vun den Feldweeër
66.000 €	fir d'Acquisition vun Material fir eisen Service forestier
70.000 €	fir d'Préventioun géint Iwwerschwemmungen
110.000 €	fir den Kanal op der Kraizung Mensterstrooss – Beyrenerstrooss
75.000 €	fir d'Aarbeschten un der Kanalisatioun an der rue de Sandweiler, rue de l'Orée an St. Donat zu Schraasseg
22.328,53 €	fir d'Installatioun vun enger Photovoltaïksanlage um Gebai vun den Fussballsvestiaires
35.000 €	fir d'Mise en place vun enger aktiver Mobilitéetskaart
600.000 €	fir de Bau vun 2 Haiser an der rue de la Montagne zu Iwwersiren
50.000 €	fir de Bau vun 2 Haiser am Leyeberg
232.742,46 €	fir de Bau vun 3 Haiser an der Schlassgewan
60.000 €	fir de Bau vun Haiser an der rue des Jardins zu Iwwersiren
135.000 €	fir den Embau vun engem Haus an der rue du Village zu Schëtter
600.000 €	fir de Bau vu 4 Appartementer 50+
326.732,95 €	fir den Embau vun engem Haus um Schënnberg
138.570 €	fir d'Spillplatz "An der Uecht"
110.000 €	fir den Aménagement vun diversen Spillplazen
280.000 €	fir den Entretien vun eisen Stroossen
400.000 €	fir den Réaménagement "Rue de Luxembourg" - Entrée "Schlassgewan" zu Schrasseg
110.000 €	fir d'Parkkonzept

2.000.000 €	fir d'rue de Senningen um Neihaischen
500.000 €	fir de Rad- a Foussgängerwee tëscht Minsbech an Nidderaanwen
2.250.000 €	fir d'Astandsetzung vun der rue du Village zu Al-Schëtter
61.413 €	fir d'Uleeë vun engem neien Trottoir un Neihaischen
350.000 €	fir den Réhabilitation / déplacement vun der Quellefaassung vun eiser aaler Quell am Birelergronn
300.000 €	fir eng Waasserleitung tëscht dem PAS an Iwwersiren
600.000 €	fir de Kaf vu bebauten Terrainen
490.000 €	fir de Kaf vun Haiser
150.000 €	fir d'Sécherheet an de Gemengegebaier
136.066,71 €	fir d'Astandsetzung vun de Gebaier vu Musek a Gesank
523.754,10 €	fir Vergréisserung vun der Fussballsbuvette matt Formationssall

De Budget rectifié vum Joer 2022 schléisst mat engem ordinären Iwwerschoss vun 5.881.275,05 € of.

Mat dem Mali am Extraordinäre Budget komme mer da fir den Exercice 2022 op e Mali vu 6.651.043,45 € of.

Wann een dann de Boni vu 16.639.364,62 € vum Exercice 2021 derbäi zielt, dierfte mer d'Joer 2021 mat engem Iwwerschoss vun 9.988.321,17 € ofschléissen.

Budget 2023

De Budget 2023, dat sinn dann elo déi Kreditter déi mer brauche fir eise Fonctionnement iwwer d'nächst Joer ze finan- zéieren a fir déi extraordinär Projeten ze stemmen déi mer fir d'nächst Joer geplangt hunn.

Déi uerdentlech Recette belafen sech op ronn 21,58 Milliounen €. Si leie ronn 9,9% méi héich wéi am Budget initial 2022, a 5,7% méi héich wei am rektifizéierte Budget 2022.

Déi uerdentlech Depensen belafen sech op insgesamt 15,63 Milliounen €. Am Verglach zum Budget initial vum Joer 2022 leien dës ëm 0,82 Milliounen € oder 5,6% méi héich. Par Rapport zum Budget rectifié 2022 hu mir eng Progressioun vun den uerdentlechen Ausgaben 2023 vu 7,6%.

Déi uerdentlech Ausgabe klammen par Rapport zum Budget rectifié 2022. Dëst ass duerch déi allgemeng Präisdeierecht bedéngt déi sech och ganz staark an eiser Participatioun bei de Syndikater weist. Och d'Personalkäschte gi llicht an d'Luucht. Donieft weisen ech jo och all Joer drop hin dat am Budget Rectifié d'Käschten fir d'Joer scho vill méi präzis kënnen ageschat ginn wéi bei der Opstellung vum Budget. Am Budget ass wéi virdu gesot ëmmer eng gewësse Reserve mat agerechent fir eventuell Imprevuen.

Fir 2023 hunn mir Lounkäschte vu ronn 4,8 Milliounen € virgesinn. Dëst sinn ongeféier 30,77% vun eisen uerdentlechen Depensen. Eis Lounkäschten klammen ëm 314.920,00 € par Rapport zum Budget rectifié 2022 wat eng Hausse vun 7,01% ass. Dës Lounkäschte verdeele sech mat 1.723.000 € op d'Gemengenaarbechter, ronn 1.867.500 € Gehälter an der Administratioun (Sekretariat a Recette), ronn 105.000 € fir den Agent Municipal, 971.000 € Gehälter am Service technique an 131.000 € fir dat administratiivt Personal an der Schoul.

An der Rubrik 1 « Services généraux des administrations publiques » belafe sech d'Depensen op viraussichtlech 4.919.330,16 € fir d'Joer 2023. Dëst ass eng Hausse vun 3,10% par Rapport zum Rectifié 2022, wat sech och dëst Joer deelweis duerch d'Käschte fir d'Walen, Progressioun bei de Personalkäschten an d'Bedelegung um Fonds pour dépenses communales erkläert.

An der Rubrik 2 „Protection sociale“ stinn Ausgabe vun 1.410.537,00 €. Hei fanne mir de Repas sur Roues an de Club Senior mee och d'Crèche an d'Maison Relais. Hei hu mer par Rapport zum Rectifié 2022 eng Hausse vun 9% déi haaptsächlech duer d'Aschätzung vun de Käschten fir d'Maison Relais kënnt.

Ënnert 3 „Ordre et sécurité public“ fanne mir Ausgabe vun 359.414,62 €. Hei hu mir eng Hausse vun 12% déi zum grous- sen Deel op d'Fonctionnementskäschten vum CGDIS zeréck ze féieren ass. Well d'Käschte vum CGDIS jo ëmmer erëm zu Diskussiounen féiert wollt ech op dëser Plaz awer och emol eng Kéier soen dat eis Pompjeeën eis am Joer 2017 eng 233.406,28 € kascht hunn an dat mer am Joer 2021 fir d'Servicer vum CGDIS 188.097,02. Dobäi kënnt dann nach eng Recette vun 33.000 € fir d'Locatioun vum Pompjeesbau. Souvill zu deene Gespréicher vum deieren CGDIS.

D'Rubrik „Affaires économiques“ - mat 603.850,00 € sinn dat d'Feldweeër, de Service Forestier, den Tourismus an d'Bussen déi mir organiséieren. Heirënner fält och eis alljärelech Cotisa- tioun beim ORT-Centre-Ouest. Héi hu mer eng Hausse vun 11,5% op de Rectifié 2022 déi haaptsächlech op d'Hausse vun de Käschten am Service Forestier zeréck ze féiere sinn. Héi muss een awer soen dat déi Käschten par Rapport zum Budget 2022 ëm 17,5% erof ginn an elo am Budget erëm ëm 21,5% erop ginn. Alles an allem klamme se nëmmen 0,2% vu Budget 2022 op Budget 2023.

D'Rubrik „Protection de l'environnement“ gesäit Ausgabe vun 1.949.422,99 € vir. Se begräift d'Gestioun vum Offall mat 900.952,00 €, d'Behandlung vum Ofwaasser mat 835.364,99 € souwéi den Naturschutzdeel vum Sias mat 213.126,00 €. An dëser Rubrik hu mer eng Steigerung vun 357.406,34 € dat si ronn 22,44%. Dëst kënnt derduerch dass d'Fraisen bei deene verschidde Syndikater klammen. Déi Hausse bei de Syndikater ass doduerch ze erklären dat duerch déi héich Material- an Energiekäschten d'Bedreiwen vun den techneschen Anlagen vill méi deier gëtt.

An der Rubrik „Logements et équipements collectifs“ fanne mer den Entretien vun den ëffentleche Plazen, d’Circulatioun, den Ënnerhalt vun de Gemengestroossen, d’Waasserversuergung, den Ënnerhalt vum Kierfecht, an d’Fonctionnementskäschte fir den Atelier vun den techneschen Déngschter. Dës Positioun begräift d’Paie vun den Aarbechter an déi ganz Käschte vun de Gefierer an dem Aarbechtsmaterial. Hei hu mer 2023 Ausgaben an Héicht vun 3 343.225,00 € dat bedeit eng Hausse vun 7,5% par Rapport zum Rectifié 2022, bedéngt duer d’Hausse um Akaf vum Waasser an d’Astellen vun 2 neien Aarbechter.

D’Rubrik „Loisirs, culture et cultes“ begräift d’Sportsterrain-en mat 100.250,00 €, d’Sportshale mat 410.018,00 €, d’Subsiden un d’Sportsveräiner mat 29.000 €, de Centre Culturel mat 255.268,00 €, d’Museksschoul mat 536.920,00 €, déi offiziell Feierlechkeete mat 210.000,00 € a schlussendlech verschidden Ausgabe wéi d’Indemnitéite vun de Chargéen déi Kueren halen, d’Subsiden un déi kulturell Veräiner, Kaf vu Konschtwierker asw. mat 97.250,00 €. Alles an allem kascht dës Rubrik 1.638.706 €. Mir hunn hei eng Hausse vun 90.550 € dat sinn 5,8% par Rapport zum Rectifié 2022. Déi Hausse ass bedéngt duer d’Käschte vun de Museksschoul an duer e Spezialkredit vu 50.000 € dee mer fir den Télévie virgesinn hunn.

An der Rubrik «Enseignement» sti schlussendlech 1.405.018,00 € Depensen. Dës Käschte klammen ëm 3,8% par Rapport zum Budget rectifié 2022. Dës ass haaptsächlech bedéngt duerch de Projet “Digital Léieren“. Awer och de Fortgang vun engem Beamten an d’Ëmbuchung vun informatischen Material sinn Ännerungen an dëser Rubrik.

Eise geplangten ordinären Iwwerschoss, déi wichtegst Zuel an engem Budget, beleeft sech fir 2023 op 5.953.932,71 € dat heescht ronn 6 Milliounen Euro.

Dës 6 Milliounen ass dat Geld wat mir hunn fir e groussen Deel vun eisen ausseruerdentleche Projeten ze finanzéieren.

Recettes extraordinaires

Déi ausseruerdentlech Einnahme ginn fir d’Joer 2023 op 9.021.327,95 € ageschat. Dës leien deemno 21,30% méi héich wéi am Budget initial vum Joer 2022.

Hei déi wichtegst Einnahme mat deene mer fir 2023 rechnen:

200.000 €	Bedelegung vu Lotisseuren am Kader vu PAP’en
215.000 €	Subsid vum Staat – Ausbau Schoul - partie SEA
250.000 €	Infrastrukturtaxen
70.000 €	Subsiden vum Staat fir Héichwaassermesuren
5.740.000 €	Subventioun vum Staat fir de subventionnéierte Wunnengsbau
180.127 €	Subsid vum Staat fir d’Spillplatz “An der Uecht”
150.000 €	Subsid fir de Verbindungsweg Minsbech-Nidderaanwen

524.200,95 €	Participatiounen Projet Atelier – Recycling Center – Pompjeesbau
600.000 €	Participatioun fir de Kaaf vun Terrainen fir de Projet Atelier – Recycling Center – Pompjeesbau
250.000 €	Subsid fir de Formationssall um Fussballsterrain

Dépenses extraordinaires

Déi geplangten ausseruerdentlech Ausgabe belafe sech fir 2023 op 24.366.871,48 €. Et sinn dës ënnert Anerem: De Budget

125.000 €	fir eventuell Upassungen vum PAG / PAP-QE a Bautereglement
60.000 €	fir d’Berodung am Kader vun der Organisatioun vun eise Servicer
611.000 €	fir d’Planungen am Kader vum neien Duerfkäer Schëtter
50.000 €	fir Etüden an urbanistesche Berodung
120.000 €	fir den Ëmbau vum Späicher vum Service technique
35.000 €	fir eng Etude iwwer d’Besoien un altersgerechten Wunnechten
10.000 €	fir den Ausbau vum CIPA zu Nidderaanwen
225.000 €	fir de Bau vun enger neier Crèche - Planung
970.412 €	fir d’Konstruktioun vum éischten Gebai am Kader vum Materplang Schoul - partie SEA
354.000 €	fir d’Planung fir d’Raimlechkeeten fir d’Maison Relais am Kader vum Maasterplang – Cycle 1
213.000 €	fir d’Planung vun de Raimlechkeeten fir d’Maison Relais am gebai vum Cycle 2 bis 4
5.000 €	fir d’Réévaluation vum Jugendkommunalplang
25.000 €	fir den Intégratiounsplang
77.395,50 €	fir d’Planung vum neien Interventiounscenter fir d’Rettungsdéngschter
50.000 €	fir d’Erneieren vun de Feldweeër
95.000 €	fir den Kaf vu Gefierer fir de service forestier
50.000 €	fir den Amenagement vun den ëffentleche Flächen am Parc d’Activités Syrdall
195.000 €	fir den Ausbau vum Recyclingcenter
250.000 €	fir d’Erneierung vun der Kanalisatioun zu Schrasseg, rue d’Oetrange
70.000 €	fir Iwwerschwämmungspreventioun
200.000 €	fir d’Verleë vum engem Kanal fir Iwwerflächewaasser zu Schëtter/Minsbech

1.500.000 €	SIDEST – Beitrag fir Investissementer – Ausbau Kläranlag a Réckhaltebecken
150.000 €	fir nei Photovoltaikanlagen
100.000 €	fir d'Isolatioun vun de Gemeengegebaier
150.000 €	fir eng méi effizient Stroossebeliichtung
195.000 €	fir Moossnamen am Interessi vum Klimaschutz
50.000 €	fir Renaturéierungsarbechten un eise Baachen
400.000 €	fir de Kaf vun Terrainen fir subventionéierte Wunnraum
3.147.000 €	fir de Bau vu Lokatiounswunnenge fir jonk Leit a Familljen
40.000 €	fir d'Grillplazen ze erneieren
300.000 €	fir de Bau vun enger neier Spillplaz an der Uecht
50.000 €	fir d'Spillplazen an der ganzer Gemeng auszebauen
30.000 €	fir de Bau vu Luedstatiounen fir Elektroautoen
500.000 €	fir de Bau vun engem Foussgänger- a Vëloswee tëscht der Gare an em Parc d'Activités Syrdall
2.000.000 €	fir d'Astandsetzung vun der Sennengerstrooss um Neihaischen
60.000 €	fir de Bau vun engem Foussgänger- a Vëloswee tëscht der rue de Canach an der Rue de Beyren
750.000 €	fir eng 30er Zone virum Campus "an der Dällt"
1.900.000, €	fir de Reamenagement vun der Entrée vu Schraasseg an dem Agang an d'Schlassgewan
50.000 €	fir d'Planung vun der Astandsetzung vun der rue de la Syre
50.000 €	fir d'Uleeë vun engem Foussgänger- a Vëlosweeër tëscht dem Pratel an dem Fussballsterrain
20.000 €	fir d'Etude fir d'Vëlospist Minsbech – Héienhaff
150.000 €	Participatioun vun der Gemeng am Kader vun den Aarbechten fir de Glasfaser-réseau an der ganzer Gemeng ze verstärken
50.000 €	fir de Wee laanscht d'Eisebunn – 162 rue Principale Minsbech – Gare
50.000 €	fir nei Bushaisercher
50.000 €	fir d'Astandsetze vum Kierfecht
446.805,45 €	fir den Ausbau vun der Hal fir eis technesch Servicer
80.000 €	fir den Kaf an Austausch vun Gefierer vum Service technique an de Kaf vun Gefierer fir den Campus
30.000 €	fir den Equipement vun eisem Service technique

100.000 €	fir d'Astandsetzung vum Waasserbaseng um Neihaischen
50.000 €	fir d'Modernisatioun vun eisem Waasserreseau
400.000 €	fir d'Veleeë vun enger Waasserleitung tëscht der Kläranlag an dem Parc d'Activités Syrdall
3.000.000 €	fir de Kaf vun Terrainen an Haiser
100.000 €	fir d'mise en conformité vun de Gemeengegebaier
30.000 €	fir d'Gemeengegebaier accessibel ze maache fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit
524.200,95 €	fir de Bau vun engem multifunktionelle Komplex Recycling Center, Atelier an Interventionszenter CGDIS – hei fannt der am Budget eng Dépense an eng Recette vun 524.200,95 € - dat ass well mir als Schëtter dee Projet virfinanzéieren an duerno vun alle Partner hieren Deel zeréck kréien – hei ass och eis Part abegraff. Eis effektiv Ausgaben sinn dann op de jeeweilegen Artikelen am Extraordinaire fir déi 3 Projeten.
150.000 €	fir d'Ofséchierung vun eise Gebaier an eisen Informatiksreseauen
50.000 €	fir d'Erweiterung vun der Gemeng - Planung
100.000 €	fir d'interconnection vun den Gemeengegebaier
2.000.000 €	fir de Bau vun neien Openthalt- a Formatiounsraum um Fussballsterrain
35.000 €	fir eng Etüd fir d'Astandsetzung vun der aaler Minsber Schoul
50.000 €	fir d'Réalisiatioun vun engem Centre culturel – Etude
25.000 €	fir Primmen am Kader vun Aarbechten un denkmalgeschützte Gebaier
50.000 €	fir eng Etüd fir den Ausbau vum Scoutschalet
100.000 €	fir eng ekologesch Astandsetzung vum Centre Scolaire
250.000 €	fir d'Vergréisserung vum Schoulcampus an dem Bau vun enger Schoulschwämm – Etude
725.595 €	fir d'Konstruktion 1. Phase Ausbau Schoulzentrum
320.000 €	fir d'Revalorisation an rehausse C 2-4 Schoul
100.000 €	fir de Bau um Schoulcampus vun 2 Büroen, engem klengen Reuniounssall an ëffentlechen Toiletten déi permanent vu baussen accessibel sinn

2023 schléisst mat engem Boni vun 596.710,35 € of.

Mir hunn iwwer déi läscht puer Joer ganz vill Projet 'en ëmgesat an dir gesitt eis Finanzen sinn nach ëmmer gesond a mir hu bis haut weder eis Reserve vun 1,6 Milliounen missen upaken, nach misse Geld léine goen.

Villes vun deem wat mer investéiert hunn ass an de subventionéierte Wunnengsbau gefloss a mir hunn eise Patrimoine u Gebaier substantiell vergréissert.

Ech sot et och schonn d'lescht Joer op dëser Platz, - iwwer déi nächst Joren hu mir grouss Investissementer hei an der Gemeng vir wéi den Ausbau vum Schoulcampus mat Maison Relais, Crèche, Schoulschwämm an Sportsinfrastrukturen, de Réaménagement vun der Kircheplatz mat engem Centre Culturel an neie Raimlechkeeten fir d'Gemengesservicer, d'Scouten an all eis Veräiner, fir de Bau vun engem neien Gemengenatelier, engem interkommunalen Interventionszentrum fir de CGDIS, Raimlechkeeten fir den FC Minsbech, eng nei Kläranlag asw. Wéi virdu gesot, dës Investissement iwwer déi nächst Joren wäerte mir finanziert kréien. Et ass natierlech ofhängeg vun der Entwécklung vun der nationaler, an internationaler Économie wéi séier mer déi verschidde Projet 'en ëmsetzen wäerten. A mir sinn eis heibanne jo och All eens dat et kee Problem ass wann de Gemengerot fir esou laangfristeg Investissement Geld léine geet.

E gutt Instrument fir eng mëttelfristeg Planung vun eise Finanzen ass eisen Plan Pluriannuel de Financement (PPF) dee mer och an Zukunft ganz seriö weiderféiere mussen. A wéi och schonn ugeschwat mussen mer weiderhin eis finanziell Moyenen nohalteg an effizient an ze setzen.

Well nei Projeten bedeit och Folgekäschten déi een och scho muss am Virus ëmmer gewëssenhaft opstellen a mat aplangen.

Mir hunn d'läscht Sëtzung iwwer déi läscht Versioun vum PPF hei diskutéiert a wäerten iech am Januar och eng iwwerschaafte Versioun vun deem PPF virleeën.

E ganz grouse Merci un all eis Servicer déi gehollef hunn de Budget opzestellen. Och e grouse Merci all deenen déi hëllefen all dat ëm ze setzen wat mer eis mam Budget als Ziel setzen.

Iech all hei ronderëm den Dësch géing ech wéi gewinnt bieden dem Schäfferot är eventuell Ergänzungsvirsléi zum Budget bis haut an enger Woch eranzeginn.

Ech freeë mech op eng konstruktiv Diskussioun vun dësem Dokument an eiser Sëtzung vum 14. Dezember.

Budget rectifié 2022 :

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total des recettes	20.410.776,63 €	2.875.233,50 €
Total des dépenses	14.529.501,58 €	15.407.552,00 €
Boni propre à l'exercice	5.881.275,05 €	-
Mali propre à l'exercice	-	12.532.318,50
Mali propre 2022	-	6.651.043,45 €
Boni du compte 2021	16.639.364,62 €	
Boni définitif	9.988.321,17 €	-

Budget 2023 :

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total des recettes	21.583.456,48 €	9.021.327,95 €
Total des dépenses	15.629.523,77 €	24.366.871,48 €
Boni propre à l'exercice	5.953.932,71 €	-
Mali propre à l'exercice	-	15.345.543,53 €
Mali propre 2023	-	9.391.610,82 €
Boni du compte 2022	9.988.321,17 €	-
Boni définitif	596.710,35 €	-

FR

Une traduction de la présentation du budget rectifié 2022 et budget 2023 peut être consultée sur le site de la commune : <https://www.schuttrange.lu/citoyens/gemengebuet>




EN


A translation of the presentation of the 2022 rectified budget and 2023 budget can be found on the commune's website: <https://www.schuttrange.lu/citoyens/gemengebuet>




Evolution de la population de la commune




Recettes & dépenses ordinaires




Recettes & dépenses extraordinaires



Recette - FDGC (Fonds de dotation globale des communes)



Recette - ICC (Impôt commercial communal)



ICC et FDGC de la commune / habitant

